

WANDROUS

N° 339 Broochmount / Heemount 2012

juin / juillet



Kennt 5 mol pro Joërl eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Jack Wolfskin



Scarpa

CAMELBAK

TEVA

TATONKA

THERMAREST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL

Shared Test Adventures

BOREAL

LOWE ALPINE

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

LOWE ALPINE

HAGLOFS

nanowag

THE NORTH FACE

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!


Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

EXPLO fir d'Wöllefcher

organiséiert vun der FNEL



Den ROBIN HOOD rifft déch
op Sherwood Forest...
...Komm an trau déch!

Wéini:

Samstes, den 9.Juni 2012

Départ:

Glacis Busparking um 09:00 Auer

Retour:

Galcis Busparking um 17:30 Auer

Präiss:

15€

sinn bis spéidstens den 9.Juni 2012 op den Compte:
Les Lions Bleus Asbl- Meute (CCPL IBAN LU64 1111
2581 2205 0000) mat der Mentioun : EXPLO'12 + Numm
vum Wöllefchen ze iwwerweisen!

Souche:

ass oofzeginn um RV!

Unmeldung:

per SMS bei déngen Cheffen!

Matbréngen:

dem Wieder ungespannen Kleeder, deck
Schung, e klengen Rucksack mat Bidon, K-
Way, dem Wöllefchen séng 5 Saachen an déng
gudd Laun...



->SOUCHE-->SOUCHE--->SOUCHE-SOUCHE<---SOUCHE<--



Ech Ênnerzeechneten _____ erlaaben
mengem Kand _____ mat op den EXPLO 2012
den 9.Juni 2012 op dem Misärshaff ze goën.

Ênnerschrëft

Datum

NATIONALFEIERDAAG

Lions Bleus Grillstand

Kommt alleguer bei eis e
gudden

Lions-Linger & Mett-Wirscht

op echtem Holzgrill iessen :)

22.Juni 2012 ab 18
Auer



Souche Faackelzuch



FAACKEL ZUCH 2012



Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum Nationaldeiderdaag um Faackelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mëttwochs, den 22. Juni um 21:00 Auer bei der Metzlerei Kaiffer op 77 Grand Rue L-1661 Letzebuerg

Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natirlech net ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

Richteg! eng TIP TOP Uniforme
mat enger donkelbloër Jeans-Box
mat engem Uniformshiem / Foulard
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-KAAP

OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn, an dén fënt sech erëm béis der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

D'Souche as bis spéitstens den 16/06/2012 béis dëngem Chef oofzegin!!!

Wéi all Joërs sin d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden!!!



Jo ech.....

Gin och dëst Joér mat op de Faakelzuch.
Ech sin mat Zäiten, an tiptopper Uniforme um Rendez-vous

Elterenënnerschrëft




SUMMERCAMP 2012

fir Scouten/Explorer/Rover



Gelebte Nachbarschaften

31.Juli 2012 - 13.August 2012



D'Viirbereedungen fir den Camp laafen op Héischtouren.
Pëngschten treffen sëch déi Kärntner Scouten & aaner Verbänn um TECHUANA-Site, fir dësen nach organisatorësch & praktësch Saachen ze klären...

Laut engem Bericht um ORF

[Http://tvthek.orf.at/programs/70022-Kaernten-heute/episodes/4055033-Kaernten-heute/4056755-SERVUS--SRECNO--CIAO](http://tvthek.orf.at/programs/70022-Kaernten-heute/episodes/4055033-Kaernten-heute/4056755-SERVUS--SRECNO--CIAO)
kommen op den 'Gelebte Nachbarschaften' Léit aus:
Russland, USA, Afrika, Asien, Karibik, Alpen-Adria Region...

Denks du nach un...

Paiementer?

1.-3.Acompte: (**150€+150€+120€**) waren bis den **31/12/11 - 1/03/12 - 1/05/2012**

(*Feelern nach AC2 beim: Mauro, respektiv Ac3 beim: Pitt&Mauro*)

dës sinn ze iwwerweisen (*Mentioun:TECHUANA+Numm*) op den Compte:

Fischer Manon (*CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000*)

Souche fir den T-shirt/Pullover?

Falls nach nüt gemaach-->Solls du dës schnellstméiglechst beim Lex oder Tamia oofginn!!!

FSME = Frühsommer-Meningo-Enzephalitis?

Géint dës entzündlech Erkrankung, kann een sëch impfen loessen. Virunallem gët dës Krankheet an den Méint März-November iwwerdroën. Mir roden Ierch: Schwätzt mat ärem Hausdokter, an loost Ierch vun him beroden, op der sollt impfen oder nüt?!? -->Dës Impfung ass jidderengem fräigestallt.

Elterenversammlung?

Samstes den 16/06/2012 um 16:15 an eisem Home, obligatorësch fir jiddereen!!!

Hei kriss du Détailler iwwer den Camp, Programm, Material...däin perséinlechen Dossier mat der Fiche médicale, enger Apaacklëscht an nach vill méi ...



POW-WOW

Fir Scouting/Explorer/Rover

Fir Scouting, Explorer & Rover

WELLEN-

Howdy Cowboys an Cowgirls,
Hau Indianer an Indianerinnen,
Léif Südler an Abenteurer aus dem ganzen Land...

Du bass op der Sich no engem groussen Erliefnis? Du wëlls eng nei, onentdeckten Welt kennentalieren an e super Weekend voller Spill an Spaass mat déngen Scoutsfrënn- an frëndinnen verbrénggen?

Da paack déng 7 Saachen, suedel däin Paerd an maach dech huetech op den Wee an den Wällen Westen fir bei der grousser Anweihung vun Schuller-City, den 8.Juli 2012 dobäi ze sinn!

Opgepasst! Du bass zuguer schon um Viirdaag op Schuller-City invitierert, wou mir all zesummen am Saloon vum Molly D.Runk eng grouss Fiesta wärten feieren!

Weini? den 7.-8.Juli 2012

Départ?

Samstes, den 7.07.12 um 13:45 Auer (Gare de LUX) an tiptoper Uniform

Retour?

Sonndes, den 8.07.12 um 17:30 Auer (Gare de LUX)

Praiss? **15€**, ze iwverweisen op den Konto
vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)
mat der Mentioun "Pow-Wow'12+Numm".

Souche? Ass oofzeginn bis den 9.Juni 2012


(mellt lerch awer schon direkt per SMS un oder oof, beim Tamia -->691 50 32 32!!!)

Waat muss ech matbrénggen?

2 Kuerzstreckenbilljets / EGO Kaart, Schloofsaack an Carrymatt fir dobaussen
ze schloufen, Gamelle/ Kichenduch, Bidon, Kaap & Sonnencreme, Täschenluucht,
Schwammsaachen, dem Wieder ugepassten Kleeder ...

Waat muss du nach wëssen?

Ass déng Souche & däin Geld nützt zur Zäit dobannen, können mer dëch gären
nomellen bei der FNEL, meeee dann kascht den Spaass 18€!!!



Heimat erlaaben ech _____ mengem Scout, Explorer,
Rover _____ um dësjährege Pow-Wow vun der FNEL
vum **07.-08.07.2012** deelzehuelen.

Ënnerschrëft _____

fnel scouts & guides

POW-WOW

Fir Beaver/Wöllef/Amicale



Fir Beaver, Wöllef & Amicale

Howdy Cowboys an Cowgirls,
Hau Indianer an Indianerinnen,
Leif Siidler an Abenteurer aus dem ganzen Land...

Du bass op der Sich no engem groussen Erliefnis? Du wëlls eng nei, onentdeckten Welt kennentleieren
an e super Weekend voller Spill an Spaass mat déngen Scoutsfrënn- an frëndinnen verbréngén?
Da paack déng 7 Saachen, suedel däin Paerd an maach dech huetech op den Wee an den
Wellen Westen fir bei der grousser Anweihung vun Schuller-City, den 8.Juli 2012 dobäi ze sinn!



Weini? den 8.Juli 2012

Départ?

Sonndes, den 8.07.12 um 8:10 Auer (Gare de LUX)
an tiptoper Uniform

Retour?

Sonndes, den 8.07.12 um 17:30 Auer (Gare de LUX)

Praiss? **10€**, ze iwwerweisen op den Konto
vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)
mat der Mentioun "Pow-Wow'12+Numm".

Souche? Ass oofzegginn bis den 9.Juni 2012

(mellt lerch awer schon direkt per SMS un oder oaf, beim Tamia -->691 50 32 32!!!)

Waat muss ech matbréngen?

2 Kuerzstreckenbilljets / EGO Kaart, Gamelle/Kichenduch, Bidon, Kaap & Sonnencrème,
evtl. Schwammsaachen, dem Wieder ugepassten Kleeder ...

Waat muss du nach wëssen?

Ass déng Souche & däin Geld nüt zur Zäit dobannen, können mer déch gären nomellen bei
der FNEL, mee dann kascht den Spaass 13€!!!

Heimat erlaaben ech _____ mengem Beaver, Wöllefchen
um dësjähregen **Pow-Wow vun der FNEL** den

08.07.2012 deelzehuelen.

Ennerschrëft _____

fnel **scouts & guides**

LÉIWENFEST

soirée espagnole

14.Juli'12

- Sangria
- Tapas 20€
- Paëlla ënner 18 → 15€
- Crema cataläna ...

Bei ei_{se}m H_ome

START

Bv/Lx/Sg/Ro um 16:00Auer & fir Elteren,Famill, Amicale & Frënn um 18:30Auer

D'Souche ass oofzeginn an d'Iwwerweisung ass ze maachen bis den 1.Juli 2012!
(CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000 vum Fischer Manon) --> Mentioun: Léiwenfest,Numm&Unzuel

Heimat mellen ech _____ folgenden Beaver,
Wöllefchen, Scout, Explorer, Rover _____ & (Zuel vun
Elteren/Famill/Frënn) _____ Persoun(en) fir d'Léiwenfest un.



Ënnerschrëft: _____



Gruppenversammlung

fir all d'blo Léiwen

Létzebuerg-Staat, dem Toni Trawooz säin Zoo ass deen gréissten am Léiwenland. Mee leider sinn déi letzt Nuecht all séng Déieren fortgelaaf, an hien packt ét nüt së all alléng erëmzfannen. Séng Giraff, eng blo Wisengiraff, een seltend Geschöpf, ass daat wertvollst waat hien an séngem groussen Park haat, an leider ass dës immens ängstlech an weist sëch baal nie bei den Léit. Laafenden...

Déi eenzeg Spuer, déi den Toni huet ass, dat Sie sëch an der Staat ophält! "Et ass een riesen Desaster", seet den Toni géigeniwwer der Wandrousredaktion an engem Interview. "Wéi soll ech daat nämmen maachen fir méng Giraff, d'Utelis erëmzfannen? An daat och nach alleng? Ech wees nüt méi weider..." Wärt den Toni séng Giraff erëmfannen? Mir haalen Ierch um

Äer Wandrousreporter

DU! Jo genau DU!

Kanks du eis hëlfen fir dem Toni séng Giraff an déi aaner Déieren nees erëm ze fannen?

Ma dann komm op d'Gruppenversammlung, wou mir eis ALL treffen fir dem Toni eng Hand mat un ze paacken, fir séng Giraff erëm sëcher an der Zoo zerèck ze brëngen! Mell dëch séier un, well den Toni hofft op déng Ënnerstëtzung!

Wéini sichen mer
an wéini ass ét färdeg?



Waat brauchen mer?

Waat kascht ét?

Samstes, den 22.September 2012
um 14Auer respektiv 17Auer, bei der Haaptentrée vum
Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean (MUDAM) an
tip-toper Uniform
(3, Park Dräi Eechelen L-1499 Luxembourg)

Eng tip-top UNIFORM, dem Wöllefchen séng 5 Saachen,
Bic & Bloc, e Bidon mat Waasser, e klengen Rucksack
mat evtl engem Snack & dem Wieder ungepassten
Kleeder.

E gudd Wierk kascht näischt:)

Souche - Souche



Heimat erlaaben ech _____
mengem Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover

_____ un der Gruppenversammlung,
den 22.September 2012 deelzehuelen.

Ënnerschrëft: _____



Souche Montée

Beaver, Wellef, Scouten, Explorer



En neit Scoutsjoer fänkt un.

Et gin grouss Beaver, grouss Wellef an grouss Scouten, maachen en neien Schrett op hierem Scoutswee. Sou gët aus engem groussen Beaver e klengen Wellefchen, aus engem groussen Wellefchen en klengen Scout an aus engem groussen Scout en klengen Explorer.



Mell dech seier un, daats du och dobei bass fir en floffen Weekend mat zerliewen.

Weini:

6-7/10/2012

Wou:

Beim Home Lions Bleus

Rendez-Vous:

06/10/2012 um 14h00 beim Home

Retour: fir Beaver:

06/10/2012 um 18h00 beim Home

fir de Rescht:

07/10 2012 um 16h00 beim Home

Präis:

17,50 €, bis den 29. September 2012 op den Compte vum Fischer Manon CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000 ze iwwerweisen.

Beaver brauchen näischt ze bezuelen, ausser dei Beaver déi d'Montée maachen müssen déi 17,50 € bezuelen.

Souche:


Ass ebenfalls bis den 29. September 2012 bei dengem Chef oofzegginn.

Waat brauchs du alles:

Schloofsaack, Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (nëmmen fir Scouten&Explorer), Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong

d'Cheffenéquipe

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
mengem Beaver/Wellefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der Montée 2012 vum 6.-7.Oktober 2012
zu Bouneweg deelzehuelen.

.....
Ënnerschrëft vun den Elteren



SUMMERCAMP 2013

fir Scouten/Explorer/Rover



**LAANG LAANG ass ét hier!!!
An ét gët nees héisch Zäit!!!!**

Nächst Joër am Summer heesch
Ét nees d'Lions Bleus ginn op
den Segelcamp:)

Fir wien?

Ma fir jiddereen dien sëch daat
traut!!! [->ab Scoutsalter:\)](#)

Weini?

Enn Juli direkt no den Vakanz-
Aktivitéiten **(02.08-11.08.2013)**
->dofir halt Ierch schon
elo den Datum fräi an
waard op weider News an
der nächster Wandrous.




Programm Beaver

Den Beaver-Programm

JUNI:

- | | | |
|-----|----------------------------|-------------|
| 2. | keng Versammlung -> Vakanz | |
| 9. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH an der Staat | |
| 23. | keng Versammlung | |
| 30. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |



JULI:

- | | | |
|-----|------------|--|
| 8. | Pow-Wow | |
| 14. | Léiwenfest | |

AUGUST:

Vakanz (keng Scouten)

Schéin Vakanz!

SEPTEMBER:

- | | | |
|-----|--------------------|-------------|
| 1. | keng Versammlung | |
| 8. | keng Versammlung | |
| 15. | keng Versammlung | |
| 22. | Gruppenversammlung | 14:00-17:00 |
| 29. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

OKTOBER

- | | | |
|-------|-------------------|-------------|
| 6.-7. | Montée | |
| 13. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 27. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |



Beaverklack,

Lena & Nora & Maiti

Programm Meute Den Meute - Programm

JUNI

9.	Explo	09:00-17:30
16.	Versammlung	14:00-16:00
22.	FAACKELZUCH	
23.	Keng Versammlung -->	Nationalfeierdaag
30.	Sortie Alien	15:00-21:30



JULI

7	keng Versammlung	
8.	POW-WOW	
14.	LÉIWENFEST	
15.07-31.07	keng Versammlungen	GROUSS VAKANZ

August

GROUSS VAKANZ

September

01.09-21.09	keng Versammlungen	GROUSS VAKANZ
22	Gruppenversammlung	14:00-17:00
29	Versammlung	14:00-16:00

Oktober

6-7	Montée	
13	Versammlung	14:00-16:00
20	Versammlung	14:00-16:00
29	keng Versammlung -->	Vakanz

November

3	Keng Versammlung	Vakanz
10	Versammlung	14:00-16:00
17	Versammlung	14:00-16:00
24	Versammlung	14:00-16:00
30	Kleeschen	18:00-21:00



Dezember

1	keng Versammlung -->	Roverweekend
8	Versammlung	14:00-16:00
15	Versammlung	14:00-16:00
22.12-06.01	keng Versammlungen -->	Vakanz

Deng Meutecheffen: Sophie / Prunelle / Claude / Breeze / Michel

Programm Troupe den Troupe-Programm

JUNI

- | | | |
|-----|--|-------------|
| 9. | TRUPPENSORTE | |
| 16. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| | Elterenversammlung TECHUANA SUMMER | um 16:15 |
| 22. | FAACKELZUCH | |
| 23. | keng Versammlung --> Nationalfeierdaag | |
| 30. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

JULI

- | | | |
|-------|------------|--|
| 7.-8. | POW-WOW | |
| 14. | LÉIWENFEST | |



TECHUANA Summer

--> 31.07.2012 - 13.08.2012

**D'Scoutscheffen wünschen dir eng
schéin & flott grouss Vakanz:)**

SEPTEMBER

- | | | |
|-------------|-----------------------------------|-------------|
| 1./ 8./ 15. | keng Versammlungen = SummerVakanz | |
| 22. | GRUPPENVERSAMMLUNG | 14:00-17:00 |
| 29. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

OKTOBER

- | | | |
|-------|-----------------------------|-------------|
| 6.-7. | MONTEE | |
| 13. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 27. | keng Versammlung --> Vakanz | |

NOVEMBER

- | | | |
|-----|-----------------------------|-------------|
| 3. | keng Versammlung --> Vakanz | |
| 10. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 24. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 30. | KLEESCHEN | 18:00-21:00 |

DEZEMBER

- | | | |
|--------------|---------------------------------|-------------|
| 1. | keng Versammlung --> RO-Weekend | |
| 8. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22.12-06.01. | keng Versammlungen --> Vakanz | |

Lex / Christophe / Nékkel / Mauro / Valérie

Programm Explorer

ben Explorer - Programm

Juni

- | | | |
|-----|-----------------------|------------|
| 02. | keng Versammlung | |
| 09. | Sortie | |
| 16. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 22. | Faackelzuch + Grillen | |
| 30. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |



July

- | | |
|---------|---------------------|
| 07. | keng Versammlung |
| 08. | POW WOW zu Schuller |
| 14.-15. | Leiwefest |

July/August

31.07.-13.08 TECHUANA 2012 SUMMER

SummerVakanz

SEPTEMBER

- | | | |
|-----|---------------------|-------------|
| 22. | GRUPPENVERSAMMLUNG | 14:00-17:00 |
| 29. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |

OKTOBER

- | | | |
|-------|---------------------|------------|
| 6.-7. | | MONTEE |
| 13. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 20. | Explorerversammlung | 14-16 Auer |
| 27. | keng Versammlung | |

Rapport Leadershiportie

Rapport Scouten

Fir meng Leadershiportie hun ech eng Bëschsortie organisiert. Mir hun eis moies um 10 Auer virun der Kirch zu Hamm getraff. Do hun ech ob méng Léit gewaart. Wou se all ukomm woren, hun ech hinnen den Wee erklärt an d' Kaart ginn.

Dono sinn sie lassgaang, an ech sinn mam Velo viirgefuer bei den éischten Posten. Wou sie ukomm woren, hun ech hinnen den Quiz ginn an hun hinnen déi Informatiounen ginn, déi sie nach gebraucht hun.

Um zweeten Posten hun sie deen och gemach an mir den Quiz ofginn. An dann sinn ech rém fiirgefuer bei den dritten Posten. Wou sie dann do ukomm woren, hun sie den Posten gemaach an während der Zait hun ech hier Quizen verbessert, an jidereen kruut dono eng Belounung an sie sinn nees weidergaang.

Ech hun dann nach den Posten geraumt an alles mat geholl wéi bei den Posten virdrunn. Als ech um veierten Posten ukomm wor, hun ech den Posten fiirbereed, an dobai hun ech mech och an den Fanger geschnidden, mee ét war nüt schlëmm an ét huet mir och naischt ausgemaach. Den Posten huet hinnen super gefall wéi een op de Fotoen gesait. Dono sinn ech mat hinnen zesummen ob d'Mëttesplatz gaang.

Während der ganzer Zait huet ét gereent, mee ech mengen ét huet hinnen am Bësch gefall. Wou mir ob der Mëttesplatz ukomm woren, hun sie mir gehollef ze grillen an mir hun gudd giess. Nom Mëttesiessen, hun sie nach d'Aufgaben gemaach an mir bruet.

Du wor ét awer schon baal 4 Auer an mir missten virun d'Kierch op den Rendez-vous goën. Do hun ech nach mat hinnen ob hier Elteren gewaart an dann sinn ech och heem gaang.

Sam Schmit



Rapport Leadershiportie

Rapport Scouten

Moies um 9 Auer hun ech mech op den Wee gema, fier d' Messagen ze verstoppen, main Rucksak ze paaken, an d' Posten ze präpaireren. Um 9:40 hun ech dann ganz gespaant op meng Patrull gewaart. Mier woren Schlussendlech nemmen zu 5, d'Mona, den Raphael, den Ruben, den Joachim an ech hun dann nach op den Max an den Justin gewaart. Den Justin haat d'Sortie carément vergiess, an den Max wor net un mech komm fier sech oofzemellen. Währeddeems mier op dei gewaardt hun, dei net mei sollten kommen, hun ech mol erkläert wat d'Sprentz as. Den Ruben haat vill Freed dorunner dei eischt Nooriicht fierzeliesen. Wei mier mat der Nooriicht faerdege woren, wor meng Patrull schon seier fort. (Seu motiveiert hun ech sie nach nie gesin!) Mam Velo krut ech se awer nach iwverholl, fier fierun hinnen unzekommen, an den eischten Posten opzeriichten. Do hun ech dann op sie gewaart. D'Mueten mam Mond opzfänken, war dem Mona seng Spezialiteit, den Ruben seng Muet an d'Aan... Den Slalomparcours hun dei zwou équipes wonnerbar gema. Den Ruben an den Raphael haaten do hieren glaichstand. Den Eerlaaf-Xtreme mat reien Eer huet den Ruben fier sech entscheed, deen duernot awer ebessi witzeg ausgesin huet :p. Duernot woren mier all gudd hongereg, mais mier haaten nach eng gudd hallef Stonn traget fierun eis. Nom Mettegiessen woren mier all nees voller Energie, ech geing suguer soen ebessen zevill, lo sin se mat de Waasserfläschen openeen lassgaangen. Mier haaten Gléck, dat ed dofier och warm genuch wor. Den Raphael haat eis wonnerbar bis erop bai d'Kierch gefeuert, weu mier fier 5 Minuten eis Energie op der Spillplaatz ausgelooss haaten. Mier woren schon baal bai eiser Belounung, enger Schatzkescht vun ennen bis uwen vollgestopft mat Haribo, Knoppers, Schokela, Kamellen,... gefellt op eis gewaart huet. Mais een Ooflenkungsversuch vum beisen R.A.B. huet eis opgehaalen :p. (ed wor eng Maus dei dei den Orientierungssenn verluer haat an am Krees gelaaf as.) Den Ruben wollt se vum Veloswee an d'Wiss setzen. Bai dem Rettungsversuch geuf en vun der tollwüteger Maus gebass. D'Wonn geuf desinfizeert, an mier sin mat 10 Minuten retard baim Home ukomm. Mam Velo sin ech hinnen mat den Kamellen hannendrun gefuer, dat se och hier Beleunung geifen kreien, fier eng Chaîne d'Adieu as ed leider net mei duergaangen (Pitt Sietzen)

Rapport Beaver

Ouschtercamp 2012

1. Daag

Mat méi oder manner Verspéléidung sinn dei meescht Léit geint 7 Auer am Home vun den grengen Scouten zu Diddeleng agetraff. Nodeems sech déi zwou Groupen kennegeléiert hun gouff et och schon ze iessen, Gromperenpurée mat Gemöis an Wirschtecher. Noo deem gudden Iessen hun d'Kanner missten am Donkelen d'Eer fannen dei den Ouschterhues op der Wiss verluer haat. Wöi se dunn all gudd midd waaren kruutne se nach eng Geschicht fiergelies an sinn dun mei oder manner friedlech ageschloof.



2. Daag

Noo enger méi kuerzer Nuecht huet um 8 Auer, schon vill ze fréi, den Wecker geschellt. Noo engem sportlechen Start an den Moien kruutne d'Beaver eppes ze iessen. Passend zum Thema vun Ouschteren hun mer dunn en Ouschternascht an Form vun engem Hues gebastelt. Nodeem eis kreativ Oder beschäftegt gouf, ass och nach eisen Moo gefellt gin. Vu dass mir keen Club-Med sin, missten d'Kanner och eng Hand mat upaaken fir ze spullen an ze botzen. Wou dun all d'Chagen gemaach waren, hun d?kanner hieren Schwammsaak gepaak an mir sin zu Fouss bis op Diddelenger Gare getreppelt fir do den Bus op Beetebuerg ze huelen. Do ukomm sin mer direkt an d'Schwemm gaangen, wou d'Kanner sech 2 Stonnen konten austoben. Wou jidreren gudd midd, propper an dreschen war, sin mer rem zreck an den Chalet gefuer. Do hun d'Kanner sech nach bessen roueg am Home mat Gesellschaftsspiller beschäftegt, bis et

dunn gudd Campingsnuddelen goufen. Nodeems all d'Iessenrechter vun den Teller gekraazt goufen, hun mir dun den Kanner hiert Allgemengwessen getest, woubei mer missten mat Erschrecken feststellen dass verschidden Kanner der Iwwerzezung sin d'Belge Plage wier eng Wüst.

Weinst der relativ onrouege Nuecht den Daag virdrun, sin d'Kanner wuertwiertlech an hieren Schloofsaak gefall.



3. Daag

Allt rem ze frei ass um 8 Auer den Alarm vum Wecker gaang, fir dei midd Chefen aus dem Bett ze geheien. Dei grad sou midd Kanner kruten dun mol eng gudd Schossel Cornflakes, ier mer verschidden Aktiviteiten mat hinnen gemaach hun. Ennert aanerem baaken, Eer fierwen, Eer sichen an

Eerlaaf. Weinst dem Gudden Wieder gouf dun Mettes lecker gegrillt, an all Kand krut nach een vun den selwer gebaakenen Muffinen. Wou all Kand den Bauch voll haat, hun mir en schéinen Spazeiergang mat verschiedenen Spiller, duerch dat flott Naturschutzgebitt beim Chalet gemaach.

Wou mer zreck koumen, war et och schon Zeit seng 7 Saachen am Duergerneen rem ze fannen an an den Rucksak ze quetschen. Als flott Errenerung hun mir dun nach mat den Kanner een faarwegt Konschtwierk gemaach. Allerdengs ass d'halschent vun der Faarw net um Bild mee op den Kanner gelannt

No engem flotten Camp mat den Grengen Scouten vun Diddeleng, ass jidreen gudd midd rem bei d'Mamm an den Papp heemgang.

Lena & Nora



Rapport Ouschtercamp Troupe 2

1. Daag Donneschdes, den 12. Abrëll 2012

Zu 12 Scouten hun mir eis moies um 9 Auer op der Gare getraff. Vun do aus hun mir den Zuch geholl. Wéi mir op der aanerer Gare ukomm waren, ass den Trajet direkt lass gaangen. Wou mer dann um 1. Message ukomm worn, hun mer deen dann och direkt fond. An wou mir den Message geléist haaten, war ét schon am gaangen ze reenen. Dann sinn mir lass gaangen an ech sinn no etwa 500 Meter op d'Maul gaangen, waat den Ruben nüt alles schafft. Wéi mir dann no enger Zeitschen gemierkt hun, sinn mir am Krees gelaaf. An well ét sou krass gereent huet sinn mir erëm op den Message 1 zerèckgaang. Do hun mir d'Mëttesiessen krut an dono sinn d'Cheffen dann och den Trajet mat eis weidergaangen. Wou mir op emol am Mëller dall eis Rucksäck ausdoën sollten, hun mer d'Këschten an d'Bidoen matgeholl. Ech an den Pitt haaten d'Bidoen ze droën, an den Pitt huet dann den ganzen Zeiten König der Löwen Gebrëll gemaach, en komëschen Jong. All déi Saachen sollten mir op en Higgel bréngen. Do war eng Höhl an der mir geschloof hun. An dës hun mer missten d'Badge fiirbereeden an hun och nach d'Feier gemaach, wourobber mir gekacht hun an dono gouf ét als Dessert 'Chokonana'. Owes hun mir nach gesong an Almdudler gedronk an e puer Lidder gesongen. An dann ass ét an den Schloofsaack gaangen.

Ruben Wiltgen

2. Daag Freides, den 13. Abrëll 2012

Als éischt sinn ma moies erwäscht ginn mat Deckelen vun Dëppen. Jiddereen huet sain Ruck-saack missten paacken an dun nach d'Badgen op deenen mer geschloof hun faalen. Deen éischten deen färdeg wor mat der Badge faalen, dierft als éischt iessen. Dun ass ét Moies-iessen ginn, mee den Nutella an den Recht war alles mega haart, well ét kaal war an der Nuecht. Also hun mir némmen Schmieren mat Gebees giess. Nom Iessen missten mer all d'Saachen bei d'Autoën droën déi mir den Daag virdrun den Bierg eroofgeschleeft haaten. An daat war nüt sou einfach, well d'Owesplaaz war op engem Bierg ènnert engem groussen Fielsviirsprong. Wou all d'Sachen beim Auto waren, sinn mir op den Trajet gaangen, nodeems mir den Message geléist haaten. Et war en méttel-laangen Wee bis bei d'Mëttesplaaz an dun konnten mir eis do Sandwichen maachen, wi d'Cheffen ukomm sinn. Den Raphäel war leider verletzt an d'Cheffen hun hien dun matgeholl. Den Recht vum Trajet war bëssen méi laang, an mir hun eis och verlaaf. Mir sinn bei engem klengen Bauerenduerf rauskomm, missten awer beim Iechternacher Séi sinn. Mir waren am fong an die komplett falsch Richtung gaangen, well d'Sophie nüt eenz ginn ass mat der Kaart. Dun hun mir eben den Bus bis dohin geholl. Den leschten Deel vum Trajet war bis op den Rouden Haff. Wéi mir unkoumen war et schon baal daischter an mir hun direkt giess well d'Cheffen schon laang op eis gewaard hun an schon alles préparéiert haaten. Do hun ma dun an enger Scheier nach d'Nuetspill gemaach, an daat war e klengen Quiz wou mer Froen iwwer Lëtzebuerg an verschiedenen Kategorien missten beäntworten. Déi aaner Patrull huet gewonnen, mee mir hun eis gut geschloof... An dun hun mer nach an der Scheier geschloof, waat deck cool war.

Yann Hengen



Rapport Ouschtercamp Troupe

12.-14. Aprëll 2012

3. Daag Samstech, den 14. Aprëll 2012


Moies hun d'Cheffen eis mat den Gammelen an der Scheier erwächt. Deenen meeschten war ét an der Nuecht eiskaal - brrrr. Mir hun Schmieren an warmen Théi moies krut. Bis mir dann alles gepaack an alles gebotzt haaten, hun mir eis lues an lues op den Wee gemaach fir zereck bei den Home ze goën. Mir haaten eis bei engem Parking um Iechternacher Séi mat den Cheffen getraff. D'Cheffen haaten nähmelch eng mega krass Iwwerraschung fir eis parat. Mir konnten, well mir an deenen éischten zwee Deeg esou vill gaangen sinn eng hallef Stonn um Trampolin sprangen. Daat war immens. Dann sinn mer op eng Wiss Grillen gaangen. Jiddereen krut en Thüringer an eng Mättwurct. Nom Iessen hun mer eis schnell op den Wee gemaach fir den Bus nët ze verpassen. Mir sinn um Busarrêt ukomm an hun den Bus fir op d' Gare geholl. Op der Gare ukomm waren mir all esou freckt dat mir den Bus fir an den Home geholl hun. Do hun mer den Cheffen nach gehollef d'Material auslueden an botzen. Wéi mir färdeg waren, sinn mir rop an d'Wiss gaangen an hun nach „Chaine des Adieux“, gesongen an mir sinn dann ganz freckt, awer ganz zefritten Heem gaangen.

Raphaël Flammang



Dem LIB séng Säit

SummerRätsel




Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

16/06/2012
30/06/2012
14/07/2012
22/09/2012
20/10/2012
10/11/2012
24/11/2012
5/12/2012



EMYS

!!! OPRUFF !!!

Denkt drun déi aktuellsten Photoen eranzeginn fir dat mer e flotten LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach op (foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt Per CD oder Stick...
TAHR



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

- 07/06/2012	- 28/06/2012
- 14/06/2012	- 05/07/2012
- 21/06/2012	- 12/07/2012

ALLGEMENG Datumer:

09/06/2012 EXPLO um Misärshaff fir LX
22/06/2012 Faackelzuch an der Staat
07-08/07/2012 Pow-Wow fir SG/EX/RO
08/07/2012 Pow-Wow fir BV/LX

20/09/2012 Assemblée générale FNEL
23/09/2012 Journée des chefs FNEL
20-21/10/2012 Jota-Joti

Cadres FNEL:



- nomination pour l'année 2012/2013

Le comité de direction vient d'approuver en date du 8 mai 2012 la nomination de Henri SCHREINER au poste de Commissaire au programme à partir de septembre 2012. Pour être effective, cette nomination sera soumise au vote de la Conférence permanente des groupes et de l'Assemblée générale en Septembre.

- postes vacants pour l'année 2012/2013 - APPEL

plusieurs postes sont vacants à partir de septembre 2012, à savoir: le Commissaire aux louveteaux, le Commissaires aux scout(e)s, le Commissaire à la formation.

Les intéressés voudront s'adresser à Nathalie de la FONTAINE, Commissaire générale de la FNEL.

et schengt

et schengt

- 01) wéi wann d'Wöllefcher zimlech motivéiert wieren
- 02) wéi wann d'Wöllefcher émmer kréativ Äntwerten beim Quiz parat hätten
- 03) wéi wann de Gruppechef op de Mammut komm wier
- 04) wéi wann et där leschter Wandrous schlecht gi wier beim Transport
- 05) wéi wann mer en Musicalstar an der Troupe hätten
- 06) wéi wann d'Scouten op Mausjuegd waren
- 07) wéi wann d'Alien Schwieregkeeten hätten bei Donnerwieder ze landen
- 08) wéi wann d'Courreuren um Urban trail richteg an Form gewiecht wieren
- 09) wéi wann ét elo seriö géif ginn
- 10) wéi wann d'Pony (nee nét daat vum Haff) nét méi alleng wärt d'Kutsch zéien an den Scouten
- 11) wéi wann eng nei Branche fir Fláschensuckler géif opgemaach ginn
- 12) wéi wann verschidden Blo Léiwen géifen grouss gesinn fir d'Zukunft
- 13) wéi wann Irokesen an Tattoos immens IN wieren bei de Scouten
- 14) wéi wann d'Alien wéinst schlechten Wiederkonditiounen nét op der Aerd konnten landen
- 15) wéi wann eis Wöllefcher den Drang zum Party maachen fonnt hätten
- 16) wéi wann den Himmel dem Gruppenchef séng Wieder "Sou Kanner vun lo un gesinn mer keen Reen méi" ganz eecht geholl huet
- 17) wéi wann d'Troupe gären den Tajet an déi falsch Richtung maachen géif
- 18) wéi wann dat neit Explorercommissariat géing rocken
- 19) wéi wann een I-Pod vill aushaalen géing
- 20) wéi wann M&M's méi speziell Tréppeltier an der Staat maachen fir dem Baribal sain Refuge ze fannen
- 21) wéi wann de läschte Roverweekend énnert dem Thema „Märchen“ stung

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann sie an hierem Eifer baal méi schnell kéinten laafen wéi een Auto
- 02) wéi wann dem Grand Duc sain Virnumm Grand Duchesse wier
- 03) wéi wann d'Pony lo en waasserdichten Pelz hätt
- 04) wéi wann et och hätt können de pesch sin op all eenzelner Wandrous, deen se soou bleech gemaach huet
- 05) wéi wann hien sain Können um Ouschtercamp énner Beweis gestallt huet
- 06) wéi wann eng Maus engem Scout an den Fanger gebass hätt
- 07) wéi wann sie hier Landung op den Summer verschiebt hätten
- 08) wéi wann dëst duerch deen gudden Drink vun der Ravisequip gewiecht wier
- 09) dass elo puer vun den klengen Cheffen nie méi wärten d'Schoulbänk drécken mussen (hoffentlech)
- 10) wéi wann daat next Joér d'Troupe nees wärt méi weiblech ginn
- 11) wéi wann den LLH den éischten Member an der Branche wärt ginn, soubal d'Zänn all do sinn
- 12) wéi wann no engem neien Daach, dem Amphi villaicht eng AG 2014 géif unviséiert ginn
- 13) wéi wann direkt 3 vun deenen um Summercamp vertrueden wieren
- 14) wéi wann hieren Arrivée elo op baal 1 Mount méi spéit verluecht ginn ass
- 15) wéi wann sie dës alleng organiséiert hätten
- 16) wéi wann d'Troupe um Ouschtercamp, deen mat 2 Stonnen Stuerm-Reen ugefaang huet, keng Drëps Waasser méi gesinn hun
- 17) wéi wann sie ouni ét ze mierken vum Message 3 rëm zerèck op deen 2.gaangen ass
- 18) wéi wann sie een super Ouschtercamp an der Belge organiséiert hätten
- 19) wéi wann den Hamster Nummer 1 sein I-Pod als Airbag mëssbraucht hätt
- 20) wéi wann sie dofir sämtlech Schellen oofginn, fir erauszfannen dat hien beim Florence wunnt
- 21) wéi wann den Ex-Ex Gruppechef d'Fach Märchen op der UniLu mat distinction oofgeschloss hätt!

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 338 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Maiti, Michel, Lex & Nora

Un der WANDROUS N°339 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Sam Schmit / Pit Sietzen / Lena & Nora / Ruben Wiltgen / Yann Hengen / Raphaël Flammang / Kodiak a Tamia

Programm Wandrous

den 3Méint-Programm

juni' 12		juli' 12		september' 12	
Fr 1		Sa 1		Sa 1	
Sa 2		Mo 2		Sa 2	
So 3		Dë 3		Me 3	
Me 4		Më 4	Permanence	Dë 4	
Dë 5		Do 5		Më 5	
Më 6	Permanence	Fr 6		Do 6	
Do 7		Sa 7	POW-WOW fir SG/ EX/ RO	Fr 7	
Fr 8		Sö 8	POW-WOW fir jiddereen	Sa 8	
Sa 9	Beaver/Meute/Explorer SG TroupenSortie EX Sortie	Me 9		Sö 9	
Sö 10		Dë 10		Me 10	
Me 11		Më 11	Permanence	Dë 11	
Dë 12		Do 12		Më 12	
Më 13	Permanence	Fr 13		Do 13	
Do 14		Sa 14	LÉIWENFEST	Fr 14	
Fr 15		Sö 15		Sa 15	
Sa 16	Beaver/Meute/Troupe/Explorer Elternvers.TECHUANAum16:15	Me 16		Sö 16	
Sö 17		Dë 17		Me 17	
Me 18		Më 18		Dë 18	
Dë 19		Do 19		Më 19	Permanence
Më 20	Permanence	Fr 20		Do 20	
Do 21		Sa 21	keng Versammlung-->Vakanz	Fr 21	
Fr 22	FAACKEI ZUCH LBB Grillstand-Metzler Kaiffer	Sö 22		Sa 22	Gruppenversammlung
Sa 23	keng Versammlungen	Me 23		Sö 23	
Sö 24		Dë 24		Me 24	
Me 25		Më 25		Dë 25	
Dë 26		Do 26		Më 26	Permanence
Më 27	Permanence	Fr 27		Do 27	
Do 28		Sa 28		Fr 28	
Fr 29		Sö 29		Sa 29	Beaver/Meute/Troupe/Explorer
Sa 30	Beaver/Meute/Troupe/Explorer	Me 30		Sö 30	
		Dë 31	Camp d'été TECHUANA 31.07.2012-13.08.2012		

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsblues.lu



* THAT'S ALL FOLKS

